

LËSCHT 5

# RÉCKBLÉCK

## Är Leit fir Biissen

info@aerleitbissen.lu | www.facebook.com/ÄR-Leit-fir-Biissen
www.aerleitbissen.lu

# Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

An dësem Réckbléck wëlle mir iech iwwert vergaange Projeten a Realisatiounen informéieren. D'Fraktioun Är Leit huet d'Verantwortung am Schäfferot am November 2019 iwwerholl, an dëst mat grousser Entschlossenheet eis Iddien a Projeten auszeschaffen an unzegoen.

Am Mäerz 2020 goufe mir leider an eiser Euphorie gebremst, a mir hunn eis Prioritéite missen den deemools aktuellen Ëmstänn upassen. Mir hunn mat vill Engagement a spontanen Aktioune versicht de Biisser Leit an Zäite vu Covid, sou gutt et goung, zur Säit ze stoen an ze hëllefen. Ech erënnere mech do z.B. un d'Aktiounen Akafe fir eis eeler Matbierger, Kollekt vum Gréngschnëtt bei de Leit an eis Bongen Aktioun fir eis lokal Betriber ze ënnerstëtzen.

Och wann eis Welt e bësse méi lues gedréint an de "social distancing" eis verschidden Aufgaben erschwéiert huet, hu mir eis Etuden an Optrag ginn. Wou aner Gemengen Enn 2021 hir Fester fir déi eeler Matbierger eng 2. Kéier ofgesot hunn, war et eis awer wichteg dëst ënner strengen Oplagen duerchzezéien, well mir een enorme Besoin vun de Leit verspiert hunn, fir sech endlech nees ze begéinen.

D'Joer 2021 war e Joer vun der Hoffnung, de Wonsch endlech rëm zur Normalitéit zeréck ze fannen. Hei war et ons wichteg, eis Veräiner mat anzebannen an ze ënnerstëtzen, sou hunn mir z.B. en eemolege Subside fir den Ausfall wärend dem Covid ze kompenséieren un d'Veräiner ausbezuelt. Och eis Biisser Betriber sinn, duerch Aktioune wéi den Adventskalenner oder 'kaf lokal', ënnerstëtzt ginn.

An Têschenzäit konnte mir awer och wichteg Acquisitiounen am Duerfkär tätegen, Terrainen, déi vun enormer Wichtegkeet fir eng zukünfteg Entwécklung vum Duerf sinn, konnten an de Besëtz vun der Gemeng kommen.

Sou gutt wéi 2021 opgehalen huet, huet dann 2022 mat enger schlechter internationaler Nouvelle ugefaangen, de Krich an der Ukrain huet eis op e Neits viru grouss Erausfuerderunge gestallt. Enger Energiekris, steigende Präisser am Bausecteur, laange Produktiouns a Liwwerzäite goufen zum Alldag. E Liichtbléck sollt déi grouss Solidaritéit géigeniwwer den Affer vun dësem Krich sinn. Och hei konnte mir mat verschiddenen Aktiounen als Gemeng Biissen eisen Deel bäidroen, z.B. e Camion mat wichtegen Artikele fir am Alldag konnte mir zesumme mat de Gemenge Colmer-bierg a Mäerzeg an d'Ukrain schécken.

E Subside de Maintien de la qualité de vie gouf deene Leit vu Biissen, déi e Recht op d'Primm de vie chère hunn als zousätzlech Hëllef fir de steigenden Energiepräisser entgéint ze wierken zur Verfügung gestalt.

Parallel zu de ganzen Entwécklungen hu mir eis Dossiere virugedriwwen, sou dat Enn 2022, Ufank 2023 vill Projeten an d'Realisatioun konnte goen.
Bis 2025/2026 wäerten eng ganz Rei vun dëse wichtege Projeten ( neie Waasserbaseng, Crèche, Bëschcrèche, Extensioun vun der Schoul, neien Gemengenatelier, nei Gemeng,...), Infrastrukturen a Servicer realiséiert sinn a zu enger besserer Liewensqualitéit an eiser Gemeng bäidroen.
An de nächste Woche wäerte mir iech och eis Equipe, esouwéi eise Programm fir d'Walen 2023 presentéieren.

Ech well awer och vun der Situatioun profitéiere fir iech all e grousse MERCI ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht déi läscht 12 Joer, déi ech an der Biisser Gemengepolitik mat iech konnt hunn.
Iech alleguerten eng flott Lektür vun eisem Réckbléck.

**VIAGGI DAVID**
Buergermeeschter

# Är Leit fir Biissen



**David Viaggi**
40 Joer, Buergermeeschter,
Employé d'Etat



**Roger Saurfeld**
44 Joer, Schäffen,
Employé des CFL



**Cindy Barros Dinis**
41 Joer, Schäffin,
Technicienne en Génie Civil

# Kommunikatioun

Mir leeë ganz vill wäert op Kommunikatioun an Informatioun mat eisen Bierger an dobäi gräife mir op all Méiglechkeeten zréck. Natierlech kommunikéiere mir vill op de soziale Medien, awer och iwwer Flyeren oder eis Ecranen am Duerf. Nieft dem Klautjen, deen d'lescht Joer 4 mol publizéiert gouf, hu mir och de BissInfo an d'Liewe geruff. E schrëftlechen Rapport iwwert eis Gemengerotsberichter, deen a méi kuerzen Ofstänn publizéiert gëtt fir méi aktuell ze sinn.

Mir hunn dat néidegt Equipement kaaft, fir et ze erméiglechen eis Gemengeréit live ze iwwerdroen. De Bierger huet elo nitt nëmmen d'Méiglechkeet, eis live vun Doheem ze verfollegen, nee hie kann och nach nodréiglech déi ganz Sëtzung kucken, zu egal wéi engem Zäitpunkt.

Méi Transparenz ass eis wichteg. Mir versichen och, eis Bierger bei Projete mat anzebanne, wéi zum Beispill bei der Ëmfro vun der Place de l'Immigration oder bei den Héichwaasserbegehungen.



# Masterplang 2030

Fir déi richteg Accenten op deene richtege Plazen ze setzen, war et eis wichteg, ee Masterplang fir Biissen ausschaffen ze loossen.

All ëffentlech Gebaier sinn hei ënnert d'Lupp geholl ginn, an et gouf gekuckt, wou an de nächsten 10 Joer nogebessert muss ginn, fir datt eis Gemeng an der Zukunft gutt do steet. Gréissten Handlungsbedarf besteet hei bei de Strukture vun der Kannerbetreiung. De PAG konnt endlech, nodeems jorelaang dorunner geplangt an dovunner Analyse gefouert goufen, zum Ofschloss kommen an dem Gemengerot zum éischte Vott virgeluecht ginn. Wéi d'Prozedür et virgesäit, huet de Schäfferot all d'Reklamanten gehéiert a versicht hiren Doleancë, souwäit et méiglech ass, Rechnung ze droen. Mir sinn optimistesch gestëmmt fir den 2. Vott nach virum Summer huelen ze kënnen, woumat dee neie PAG dann a Kraaft trëtt, un deem gutt 20 Joer geschafft ginn ass.



# Neigestaltung Duerfzentrum

D'Plaz Frounert gouf deels nei gestallt, fir se besser fir Evenementer notzen ze kënnen.

Zousätzleche Parkraum gouf geschaaft a besser gereegelt. Eis Veräiner kënnen elo bei der Hal Frounert op eng equipéiert Kichen an op e flotten neie Grill zréckgräifen.

Är Leit ass et wichteg, datt eist Duerf attraktiv bleift an och déi nächst Generatiounen sech wuel bei eis fillen. Den Duerfkär ass d'Häerz vun engem Duerf an dofir war et eis wichteg dës Neigestaltung selwer an d'Hand ze huelen, fir eng Hand iwwert dat ze hunn, wat an Zukunft am Zentrum entstoe soll. Vill Acquisitioune vu Gebailechkeete waren dofir noutwendeg fir dës Projeten auszeschaffen a virun ze dreiwen.

D'Biergerbedeelegung war eis wichteg. Leider konnt duerch Coronapandemie dëst nitt, wéi gewënscht, a Workshoppen op der Plaz selwer ofgehale ginn a mir hunn op eng Onlineëmfro missen auswäichen. Vill interesséiert Bierger hunn dovunner Gebrauch gemaach, fir eis hir Besoinen an Iddisvirschléi matzedeelen. Doropshi gouf e Concours, fir Architekte fir d'Neigestaltung vun der Place de l'Immigratioun ze gestallten, ausgeschriwwen. Eng Gemeng, e Kultur- a Kongresssall, Plaz fir Kommerz & Gastronomie, eventuell Wunnengen, a vill Natur sollen sech op dëser Plaz rëmfannen. Fënnef Architektebüroe goufen zréckbehalen an hunn ee Projet ragereecht, wou Enn Februar 2021 dem Jury säi Choix op Atelier Du Pont an Decker Lammar gefall ass.

Fir datt dëse Projet ka realiséiert ginn, ass et awer och wichteg de jëtzege Gemengenatelier, dee schonn zanter Jore vill ze vill kleng ass, aus dem Duerf eraus ze kréien. Fir e Neibau vum Gemengenatelier an eiser Industriezon kënnen ze realiséieren, hu mir missen d'Gespréich mat engem Propriétaire sichen, fir de néidegen Terrain nees a Gemengenhand zréck ze kréien. Den Atelier konnt séier a gudder Zesummenaarbecht mat eisen Aarbechter ausgeschafft a gestëmmt ginn. Soubal all Etuden an Autorisatiounen ofgeschloss sinn, hoffe mer an de nächste Méint mam Bau kënnen unzefänken. Duerno kann deen alen Atelier erofgerappt ginn fir Parkraum ze kreéieren an och der Natur dës Plaz nees zréck ze ginn. Just dee rezent renovéierten Deel mat de Vestiairen, Duschen an Openthaltsraim wäert och weider genotzt ginn.

Een éischten Entworf vum Projet fir soziale Wunnengsbau mat Jugendwunnengen op der Plaz tëschent der Grand-Rue an dem Frounert huet dem Schäfferot nitt gefall, well tabula rasa mat bal alle bestoende Wunnenge gemaach gouf. E neien Architekt gouf mam Projet beoptraagt, deen eng ganz aner Approche huet an de Gros vun de bestoenden Haiser an de neie Projet mat abënnt. Esou bleiwt de Charakter vum Duerf erhale.

Och hei hu fir d'éischt d'Haiser missen opkaaft ginn, fir dëse Projet iwwerhaapt ze erméiglechen. De PAP ass am gaangen ausgeschafft ze ginn an d'Pläng wäerten och deemnächst këne virgestallt ginn, sou datt 2024 de Projet kann entaméiert ginn.

# Schoul a Kannerbetreiung

Mir hunn eng Etude an Optrag ginn nodeems beim Masterplang fest gestallt gouf, datt besonnesch hei am Beräich vun der Schoul- a Kannerbetreiung misst reagéiert ginn. Bis 2050 gëtt d'Evolutioun vun de méigleche Kanner, déi hei an d'Schoul ginn, gekuckt an et gëtt analyséiert op eis Infrastrukturen dofir gutt genuch opgestallt sinn.
All Mesuren, déi vun Är Leit bis well entaméiert goufen an an der Planung sinn, wéi den Ausbau Schoul, deen eng Vergréisserung vun der Maison Relais erméiglecht, Envisagéierten Ausbau Crèche, Bëschcrèche, zukünfteg nei Maison Relais op Klengbousbierg, wäerten deem Rechnung droen.

Fir d'Sécherheet vun eise Schoulkanner wärend der Chantiersphase vun der Hausse vun der Primaireschoul ze garantéieren, hu mir decidéiert fir eng Annexe aus moduläre Bauelementer unzeschafen, wou déi betraffe Kanner - an deenen hire Schoulklasse geschafft muss gi - kënnen auswäichen. Gläichzäiteg gesi mir vir déi gesamt Primärschoul sécherheetstechnesch op de neiste Stand ze setzen.

Fir op déi grouss Waardeléscht an der Crèche séier kënnen ze reagéieren, hu mir decidéiert, fir méi Bauelementer unzeschafen, wou d'Crèche ab der Rentrée am September eng gutt 50 Plaze méi kann ubidden an domadder kee méi op eng Waardeléscht muss stoe kommen. Dëst soll awer nëmmen eng Iwwergangsléisung sinn, fir eis déi néideg Zäit ze ginn, déi bestoend Crèche beschtméiglech auszebauen.





Fir eisen neie Parking hannert dem Musekshaus nitt laangfristeg mat de Container ze blockéieren, hu mir mat der CFL een Accord ausgehandelt, fir hir Plaz iwwert e längeren Zäitraum duerfen ze benotzen. Mir hunn een, un dës Plaz ugrenzend, Haus opkaaft, dat eis erméiglecht, déi ganz Reseauen, aus der rue des Moulins eropzezéien, ouni de bestoende neie Parking nees mussen komplett opzerappen. Ausserdeem kënne mir sou een Accès vun der Hängebréck erop bei d'Musekshaus fir eis Foussgänger uleeën.

Mir schaffe weider um Projet vun enger Bëschcrèche, allerdéngs wäert dat nach eng Rei Iwerzeegungsaarbecht kaschten, fir déi néideg Autorisatiounen ze kréien. Leider komme mer hei net méi séier virun wéi mir wéilten, a sou geet wäertvoll Zäit fir eis Butzen, déi dovunner profitéiere kéinten, verluer. Mir bleiwen awer dohannert a sinn optimistesch, dee Projet realiséieren ze kënnen.

D'Kichen an der Maison Relais huet misse moderniséiert a vergréissert ginn. Dës Aarbechte konnten 2021 ofgeschloss ginn a verschafen eis Zäit bis déi aktuell Gemeng geplënnert ass, wou mir duerno dann Plaz hunn fir eng grouss, zentral Kiche mat Restauratioun ze realiséieren. Mir hunn am September e Pilotprojet vum Pedibus gestart mat enger éischter Linn aus dem Brill an d'Schoul an zréck. Eng gutt 40 Kanner hu sech heivir ageschriwwen. D'Kanner tréppelen heibäi zu Fouss an d'Schoul a ginn natierlech vun Erwuessener betreit. Mat de neie Pavillonen am Schoulhaff, hunn eis Kanner endlech eng Geleeënheet fir raus an d'fräsch Loft ze goen, ouni zoppnaass ze ginn. Am Summer, wann d'Sonn an den Haff dréckt, hu mer ausserdeem méi Plaze, wou d'Kanner de Schied kënnen opsichen . Hei hu mir op eng Demande reagéiert, déi scho jorelaang bestanen huet.





# Drénkwasser

Eist Drénkwasser ass liewenswichteg an déi wäertvollst Ressource déi mer hunn. Fir datt mir och an Zukunft weider eist eegent Biisser Waasser drénke kënnen, hunn Är Leit eng Partie wichteg Decisioune getraff an an d'Weeër geleet. 2021 konnte mir déi néideg Terraine kafe fir e neie Waasserbaseng hei um Wobierg ze bauen. Dee neie Standuert, dee méi héich geleeën ass, wäert zu enger Verbesserung bei der Waasserversuergung féieren.

Dësen Neibau dee well gestëmmt ass a wou d'Aarbechten, nodeems déi néideg Autorisatiounen all ageholl sinn, nach dëst Joer entaméiert ginn, gesi mir als absolut Prioritéit un. Gläichzäiteg sinn Investitiounen beim Pëtz bei der Millen néideg, wou mer mat enger neier Pompel méi Waasser unzapen kënnen. Déi dofir néideg Autorisatioun hu mir ugefrot an och well abordéiert kritt. Och eng nei Zouliwwerleitung zum Waasserbaseng wäert musse geplangt a verluecht ginn.

Dëst wäerte mir als Är Leit weider dreiwen an ëmsetze, genee wéi och de Quelleschutz ronderëm eis Scheierbach fir d'Waasserqualitéit ze verbesseren an och laangfristeg ze garantéieren. Nei Techniken erlaben et de Kallekgehalt am Waasser ze reduzéieren. Sollt dës hei bei eis méiglech sinn an een zefriddent Resultat garantéieren, wäerte mir dat an Ugréff huelen.

# Héichwaasser

Staarkreen ass e neit Wiederphenomen an eise Géigenden op dat mir reagéiert hunn. Mir hunn e Büro, dee vill Erfarungen an dësem Beräich gesammelt huet, beoptraagt eis Gemeng an deem Beräich ze analyséieren, Geforepunkten ze erkennen an eis Verbesserungsmesuren ze proposéieren.

No den Héichwaasserbegehungen am Joer 2021, fir besonnesch déi kleng Quellen an Zouflëss ënnert d'Lupp ze huelen, déi bei Staarkreen séier iwwerlaascht sinn, ass e Moossnamekatalog ausgeschafft ginn, dee no a no ofgeschaaft ka ginn. Sinn all Mesuren ëmgesat, ka wäertvoll Zäit gewonne ginn an d'Waasser méi kontrolléiert oflafe gelooss ginn.

Den aktuellen Iststand kann zu jidder Zäit op www.hwbissen.lu verfollegt ginn. Fir datt dës Moossnamen dann awer och een Effet op eis Atert hunn, hu mir eise Projet och deenen aneren Ureinergemenge vun der Atert virgestallt. Eng Héichwaassermesure, déi scho méi laang geplangt war, gouf an der rue des Forges ëmgesat an ofgeschloss. An der rue des Moulins hu mir viru kuerzem ee Rouer riicht Richtung Atert gezunn, sou wäert et hei nitt méi zu Réckstau an zu Iwwerschwemmungen an der Strooss a vollgelafene Kellere kommen.

# Ëmwelt – Energie

Dat neit Poubellskonzept vum SIDEC huet dozou bäigedroen, wéi d'Statistiken et och beleeën, datt vill manner Offall produzéiert gouf a gläichzäiteg méi Biomüll, Glas a Pabeier agesammelt gouf.
Mir sinn dem Naturpakt bäigetrueden an hunn och direkt beim éischten Audit den éischten Tratt vu 40% erreegt. Weider Efforten wäerten hei ugestriefft ginn, dëst an Zesummenaarbecht mat eisem Naturpaktberoder vum SICONA.

De Klimapakt un deem vun 2017 bis 2019 nitt geschafft gouf, ass direkt nees vun der neier Majoritéit an Ugréff geholl ginn a Kapitel vir Kapitel ofgeschafft ginn. Resultat: Am August lescht Joer, gouf beim Audit vum Klimapakt 2.0 nëmme ganz knapp déi 3. Zertifizéierungsstuf verfeelt. Elo am Fréijoer froe mir e weideren Audit un, fir dës Stuf dann elo däitlech ze iwwerschreiden a domadder fléissen méi Sue vum Staat an eis Gemengekeess.

Ab dem 1.1.2020 hu mir e ganze Subsidenkatalog gestëmmt, wouvunner eis Bierger profitéiere kënnen, zum Beispill bei neien elektreschen Apparater, engem Vëlo oder Elektrovëlo. Ganz rezent goufen och nach d'Photovoltaikanlage mat an dëse Subsidienkatalog opgeholl an dat réckwierkend op den 1.1.2022 vu wou un d'Energiepräisser ugefaangen hunn ze explodéieren. Op der Gemengesäit fënnt ee méi Informatiounen zu dëse Subsiden.

Rezent gouf och am Gemengerot decidéiert eis Futtballterrainen op LED Beliichtung emzerüsten. D'Fraise verdeelen sech dobäi op 2023 an 2024. Et ginn e puer Plazen déi relativ däischter sinn, wann déi grouss Luuchten aus sinn. Dës Plaze ginn elo geschwënn besser beliicht. Mat eise Veräiner gouf d'Green Charta ënnerschreiwen, woubäi mir eis all verflichten naturno Eventer ze organiséieren, op regional Produiten zréckzegräifen a sou mann wéi méiglech Offall ze produzéieren. Kee Plastik, manner Einwegmüll.






# Kultur

Den Ëmbau Gare an eist neit Musekshaus konnt zefriddestellend ofgeschloss ginn. Eis Biisser Musek huet nees een neit Doheem. Solfège an Eveilscourse gi vum Conservatoire am Musekshaus ofgehal a mir versichen datt och an Zukunft nees verschidden Instrumentscoursen hei zu Biissen ugebuede ginn. Et ass ausserdeem méiglech stonneweis Accès a Raim ze kréie, fir dohinner een Instrument prouwen ze goen. Dëst ass wichteg, well ëmmer méi Leit an Appartementer wunnen an een do nitt ëmmer op Versteesdemech bei sengen Nopere stéisst, wann ee säin Instrument prouft.

D'Etudë vun der Renovatioun vun eiser Kierch goufe weider gefouert et muss sech awer nach op ee Konzept geeenegt ginn. Et ass awer vill méi, wéi nëmmen een Ustrach, dee noutwendeg ass, mee och e ganze Koup Sécherheetsmesuren, déi mussen ëmgesat ginn. Den Ducksall muss verstäerkt ginn, d'Uergel an déi wäertvoll Bechiusbiller musse renovéiert ginn. Ausserdeem musse nei elektresch Leitunge gezu ginn a Brandschutzmesurë realiséiert ginn.

Och d'Baussenanlagen, wéi Kierchentrap mam Gelänner an den Toilettenanlage wëlle mer upaken, hei sinn awer fir d'éischt nach Propriétéitsfroen, déi musse gekläert ginn. Um Kierfecht hu mir 2022 sämtlech Weeër propper aménagéiert. Biissen brauch e moderne Kultur a Kongresszenter. Déi éischt Etapp dozou hu mir als Är Leit ënnerholl an deems mer dëse mat an de Projet Place de l'Immigratioun integréiert hunn. Mir wäerte weider un dësem Projet schaffen. Op kee Fall duerf de Projet zu engem Multifunktiounssall fir Duerffester verwässert gi, well soss d'Kultur nees ze kuerz kënnt.

2020 hunn Är Leit relativ séier eng mobil Bün kaaft. Eng Decisioun, déi ausser bei der Oppositioun, gutt ukomm ass an eng Beräicherung bei eisen Evenementer ass. Mir sinn elo vill méi flexibel a mussen nitt all Kéier eng Bün loune goen.

D'Präisser an d'Waardelëscht fir sou Bünen si no der Pandemie explodéiert. Zum richtegen Zäitpunkt also hu mir zougeschloen. Mir hunn nodeems de BisArt jo scho laang fest etabléiert ass, e neien Event an d'Liewe geruff mam BisScène, wou mer jonken an etabléierten Museker eng Bün ginn, an eise Bierger e flotten amusanten Owend den éischte Samschdeg am Juli bidden.

Mir stinn am gudden Austausch mat Sites et Monument a versichen eis wäertvoll Gebailechkeeten sou gutt wéi méiglech ze erhalen oder an e Neibau ze integréieren. Nitt alles ass méiglech, awer mir versichen, sou gutt et geet, eisen Nokommen och nach d'Méiglechkeet ze hannerloossen an d'Vergaangenheet ze kucken.



# Veräiner an Evenementer

D'Veräinsliewe gouf duerch d'Pandemie staark strapazéiert an d´Zesummesinn war eis wichteg, sou datt d'Gemeng an dëser Zäit asprongen ass an d´Evenementer organiséiert huet mat allen Oplagen, déi eben zum jeeweilegen Zäitpunkt néideg ware.

Eist Duerf ass lieweg bliwwen an d'Leit, déi nees zesumme konnte fannen, si nees opgebléit. Mir hunn eis lokal Betriber ënnerstëtzt an deems mir eise Bierger Bonge verdeelt hunn a si motivéiert hunn lokal anzekafen. Gläichzäiteg hu mir och d'Onkäschten, wat de Covidcheck betraff huet iwwerholl.

Mir bidden eise Veräiner bei folgenden Evenementer eng Méiglechkeet e Gedrénks oder Iessstand ze organiséiere fir ouni ze vill Opwand esou hir Kees kënnen opzebesseren. Biisser Rallye - TerraBis - BisScène – Mobilitéitswoch. Mir sti fir staark Veräiner.

# Sport a Fräizäit

D'Ëmgestaltung vum Gardhäisschen an de Cyclo Croc ass an der Endphase a wäert Enn Abrëll Ufank Mee déi éicht Clientë kënnen empfänken.

No der éischter Plaz bei der Grillplaz um Maart gouf lescht Joer eng weider gréisser Plaz beim Sportkomplex mat Outdoor Fitnessgeräter equipéiert. Jiddewereen huet hei d'Méiglechkeet do baussen Übungen duerchzeféieren a sech sou fit ze halen. Verschidden Upassunge goufe virgeholl beim Sportkomplex. Een Ecran an der Entrée soll hëllefen d'Leit besser ze guidéieren. D'Sonorisatioun bei de Fussballterrainen an der Tribün ass iwwerschafft a besser agestallt ginn. D'Vestiairë gi mat an der Héischt verstellbare Fönen ausgerëscht.

De Mobilier gouf am Vestiär vum FC Atert nei gestalt an de Veräi krut eng iwwerdeckte Méiglechkeet am baussegsten Entréesberäich fir den Entrée nitt méi am Reen brauchen opzehiewen. Den Tennis krut eng Iwwerdeckung aus Seegele fir nitt méi der praller Sonn an dem Reen esou ausgesaat ze sinn.

An der Sportshal ginn déi bestoend Pannoen an den Ecran duerch modern LED Pannoen ersat, déi e ganz flexibele Sponsoring erlaben. Den Ecran ka souwuel bei sportlechen Evenementer, wéi och fir Videoowender genotzt ginn. Är Leit hunn dem Fussball e modernen Ecran gestëmmt fir datt de Site, deen och vill fir international Matcher benotzt gëtt, nach méi attraktiv gëtt.



# Trafic - Infrastruktur

E grousse Chantier, d´ Verleeë vun engem neien Ofwaasserkanal vum Lotissement ,An der Bléi' bis erof an Duerf, deen eise Bierger wuel am meeschten Gedold ofverlaangt huet, konnt Enn 2021 endlech ofgeschloss ginn. Och d'Infrastrukturarbëschten am neie Lotissement sinn elo ofgeschloss. D'Neigestaltung vun der Rouschterstrooss ass amgaangen an dës Aarbechte wäerte réischt 2024 ofgeschloss sinn.

De Schäfferot schafft den Ament un engem Mobilitéit Management Konzept fir d'ZAC Klengbousbierg an dem Rouscht. Am Summer 2021 goufe sämtlech Betriber heizou kontaktéiert. Ziel ass et, besser ze verstoen, vu wou an zu wéi engen Auerzäiten déi meescht Beweegungen statt fannen. Wéi eng Betriber geréieren elo schonn hiren Trafic op eng zefriddestellend Aart a Weis a wou kënne Verbesserungen erméiglecht ginn. Duerno kann dann e Konzept ausgeschafft ginn, deen dozou bäidréit de Verkéier besser ze reegelen.

De Ministère de l'Economie konnte mer iwwerzeegen sech un de Fraisen ze bedeelegen. Direkt Enn 2019 wéi déi nei Majoritéit hir Aarbëcht ugefaangen huet hunn mir eist Verkéiersreglement ugepaakt an iwwerschafft. Eisen Agent municipal deen 2021 Joer seng Aarbecht opgeholl huet, huet weider gehollef dëst ze verbesseren.

D'Commande fir déi nei Schëlder a Markéierungsaarbëchten op der Strooss ass eraus an dës ginn da lo no a no ëmgesat. Eis Ampelanlag op der Kräizung huet de Vëlosfuerer nitt méi erkannt. Dëst war eng geféierlech Situatioun. Duerch d'Installatioun vu neien Detektere kann och lo nees de Vëlosfuerer erkannt ginn. Nei Busarrête goufen a Betrib geholl an an der ZAC Klengbousbierg e neie Foussgängerwee zum neien Busarrêt realiséiert. Bei der Reorganisatioun vum ëffentlechen Transport hate mir eis staark gemaach fir e besseren Uschloss op Miierscher Gare ze kréien. No eiser Interventioun gouf do nogebessert. E Foussgängerleitsystem gouf mat der Mobilitéitskommissioun ausgeschafft an ass elo kierzlech ëmgesat ginn. Dëse System soll d'Leit op wichteg Punkten an eisem Duerf guidéieren a gläichzäiteg motivéieren dës Strecken zu Fouss zréck ze leeën.

En Informatiounssystem op de Busarrêten, op deenen een d'Horairë consultéiere kann, ass bestallt a wäert deemnächst op éischten Busarrêten a Betrib geholl ginn. Eng Verkéiersberouegung vun der Mierscherstrooss ass gestëmmt a kann, wann d'Geneemegung bis virläit, ëmgesat ginn. Dëst direkt am Aganksberäich, wéi och op der Héischt vun der Reckenerstrooss. Am Brill an an der rue des Jardins gouf de Passage duerch Schikanen an der Strooss méi schwiereg gestallt an huet zu enger däitlecher Verkéiersberouegung an dësem Quartier gefouert. Een änleche Projet wäert och an der Rue de Reckange realiséiert ginn.











# Jugend – 3. Alter

Wärend der Pandemie hu sech eis jonk Leit aus dem Jugendhaus ganz solidaresch mat eisen eelere Matbierger gewisen, a si fir si akafe gaangen. Mir hunn eis staark gemaach fir een 3. Betreier am Jugendhaus, deen och raus bei déi Jonk geet a probéiert, Problemer ze erkenne fir kënne besser op si anzegoen. Dat ganzt Jugendhaus krut bannen a baussen e neien Ustrach. Deemnächst wäerten eis Jonk op eng nei Offer kënnen zréckgräifen, andeems se an engem klengen Tounstudio d´Méiglechkeet hunn ze léieren, wéi se selwer Audioe kënne produzéieren.

# Integratioun – Solidaritéit

Hei zu Biissen ass jidderee wëllkomm. Egal vu wou en ass, egal wéi eng Hautfaarw en huet, egal wéi eng sexuell Virléift en huet, oder wéi enger Relioun e gleeweg ass.

Jiddwereen ass acceptéiert a gëtt nitt diskriminéiert. Mir si solidaresch mat der Ukrain an hunn och nitt gezéckt, Leit bei eis opzehuelen. Mir hunn Evenementer organiséiert a mam Benefice konnt eng Ambulanz kaaft an an d'Ukrain geschéckt ginn.

Bei der Sammelaktioun zesummen mat Colmer-Bierg a Mäerzeg hu vill Leit sech solidaresch gewisen. Nach ni huet ee Gemengerot virdru souvill Associatiounen ënnerstëtzt wéi dësen.



# Är Leit fir Biissen



**David Viaggi**
40 Joer, Buergermeeschter,
Employé d'Etat



**Roger Saurfeld**
44 Joer, Schäffen,
Employé des CFL



**Cindy Barros Dinis**
41 Joer, Schäffin,
Technicienne en Génie Civil



**Loïc Brune**
30 Joer, Conseiller,
Professeur en Chimie



**Kevin Englebert**
41 Joer, Conseiller,
Chargé de Cours



**Joe Geisen**
46 Joer,
Fonctionnaire communal



**Béatrice Horsmans-Kabers**
46 Joer,
Infirmière



**Joseph Koecher**
62 Joer,
Ingenieur Technicien e.r.



**Georges Lucius**
45 Joer, Conseiller,
Professeur en Chimie



**Marco Stacchiotti**
63 Joer,
Gradué en Informatique e.r.



**Sébastien Steffes**
41 Joer,
Gérant d'Entreprise

LËSCHT 5

# Version FR, PT, EN

Nous avons opté pour une approche écologique en évitant d'imprimer des versions supplémentaires de notre brochure rétrospective. Scannez simplement le code QR pour accéder à la version française. Nous espérons ainsi contribuer à la protection de notre planète tout en offrant une expérience de lecture agréable en plusieurs langues.

Tornámo-nos amigos do ambiente ao não imprimirmos cópias extra da nossa brochura retrospectiva. Basta digitalizar o código QR para aceder à versão online em português. Esperamos contribuir para a protecção do nosso planeta ao mesmo tempo que oferecemos uma agradável experiência de leitura em várias línguas.

We've gone eco-friendly by not printing extra copies of our retrospective brochure. Simply scan the QR code to access the online English version. We hope to contribute to the protection of our planet while offering a pleasant reading experience in several languages.

Version Française

Versão Portuguesa

Englsh Version

info@aerleitbissen.lu

facebook.com: ÄR-Leit-fir-Biissen

instagram: aerleitfirbiissen

web: www.aerleitbissen.lu